# Gewalt an der Schoul

## Constaten eleng ginn net duer! Elo mussen endlech och Neel mat Käpp gemaach ginn!!

De 17. Mäerz goufen et an der Chambre des Députés zwou Interpellatiounen zum Thema „Gewalt an der Schoul“.

No dësem ausféierlechen Debat weist sech den SNE/CGFP virsiichteg optimistesch, dass et endlech zu weidere Mesuren am Interêt vun all de Kanner, awer och vun den Enseignanten wäert kommen.

D'Problematik ronderëm d'Gewalt an der Schoul ass net nei. Et handelt sech ëm e Phenomen, deen et scho jorelaang gëtt an deen sech a leschter Zäit vill verstäerkt huet.

Obwuel den SNE/CGFP scho ganz laang op dës alarmant Entwécklung opmierksam gemaach huet, si mir iwwer eng laang Zäit net gehéiert ginn. Ëmsou méi begréisse mir, dass d'Thema Gewalt an der Schoul net méi tabuiséiert gëtt an och endlech um politeschen Niveau elo déi Opmierksamkeet kritt, déi et verdéngt.

Wann den Educatiounsminister betount, dass “m*ir musse besser ginn an der Kriseninterventioun”*, dann deele mir déi Aschätzung. Net fir näischt fuerdert den SNE/CGFP schonn zanter Joren d'Mise en Place vun enger Präventiouns-, Hëllefs- an Interventiounsstruktur (Taskforce) an alle Schoulen. Esou eng Struktur, bestoend aus Spezialisten aus verschiddene Beräicher - wéi zum Beispill Educateuren, Infirmieren a Sozialaarbechter, fir nëmmen déi ze nennen - kéint geziilt bei Problemsituatiounen, och bei Gewaltaktiounen, zum Asaz kommen an derzou bäidroen, dass de reguläre Unterrecht net gestéiert gëtt an esou wäit ewéi méiglech normal fir déi aner Kanner weiderlafe kann.

Et kann awer net nëmmen em Kriseninterventioun goen, mee et mussen och méi Moyenen an de Volet vun der Präventioun fléissen, fir de Kanner vun Ufank un ee stabille Kader ze bidden. Zil muss et sinn, dass d'Wuelbefanne vun de Kanner vum Cycle 1 Précoce u gestäerkt gëtt.

Dofir fuerdert den SNE/CGFP och scho laang dass den 2. Intervenant, deen am Koalitiounsaccord virgesinn ass, an all Klassen aus dem Zykel 1 intervenéiere soll, an dat nom Modell vum Precoce, wou d'Kanner all Daag wärend der ganzer Unterrechtszäit vun engem Team bestoend aus engem Enseignant an engem Educateur encadréiert ginn.

Fir de Phänomen vun der Gewalt an eise Schoule besser an de Gréff ze kréien, geet et awer net nëmmen duer, einfach méi Ressourcen an de System ze pompelen. Neen, déi existéierend Ressource mussen och besser a méi effikass agesat ginn. Et geet net duer, d'« Equipes de soutien pour élèves à besoins spécifiques » (ESEB) nëmmen zueleméisseg opzestocken. Neen, den SNE/CGFP fuerdert scho laang, dass dës Ekippen - no dem bewäerte, gutt funktionéierende Modell vum I-EBS - direkt un d'Schoulen affektéiert ginn. Dës Affektatioun un d'Schoule géif et erméiglechen, d'Ressourcë séier, effikass an ouni bürokrateschen Opwand un d'Kanner aus der Schoul ze verdeelen. Gläichzäiteg géif dat d'Zesummenaarbecht tëschent dem Agent aus der ESEB, dem I-EBS, dem A-EBS an dem Léierpersonal wesentlech vereinfachen an domadder d'Effikassitéit erhéijen.

Ausserdeem fuerdert den SNE/CGFP, dass den Agent vun der ESEB, den I-EBS an den A-EBS onbedéngt mussen ersat ginn, wa si ausfalen – egal ob krankheetsbedéngt oder aus anere Grënn. Dofir ass et héich Zäit, eng funktionéierend « Réserve de remplaçants » och fir dëst d'Personal en Place ze setzen oder op d'mannst dass och d'Leit aus der normaler Reserve fir den Enseignement fondamental kéinte geholl ginn. Wéinstens schéngt de Minister dës Problematik elo erkannt ze hunn, mee eng adequat Äntwert op dës Problematik konnt hien awer an der Chamber net liwweren.

Als SNE/CGFP si mir frou, dass den Educatiounsminister och erkannt huet, dass de Fonctionnement vun de Kompetenzzentre muss geännert ginn. Mir kënnen eis dem Minister senge Wierder « et kann net kee sinn » nëmmen uschléissen. Kanner, déi Hëllef brauchen, mussen se direkt kréien. Et muss endlech Schluss domadder sinn, dass Kanner de Spillball vun deene verschiddene Kompetenzzentre sinn.

A wann de Minister drop hiweist, dass ee sech awer och déi "*heikel*" Fro stelle misst fir ze kucken "*wierklech op d'Wo (ze) leeën, wou mer méi staark wäerte mussen intervenéieren, fir d'Sécherheet vun all den anere Kanner an der Klass, den Enseignanten an Educateuren z'assuréieren*", da begréisse mir dës Ausso ausdrécklech.

Jo, d'Sécherheet vun all den anere Kanner, den Enseignanten an dem edukative Personal muss eng absolut Prioritéit hunn.

An dofir fuerdert den SNE/CGFP, dass eenzel Schüler, fir déi eng Beschoulung an enger regulärer Klass temporär net méi méiglech ass – zum Beispill am Fall vun akuten an extreme Gewaltkrisen – och konsequent Mesure geholl musse ginn. Wann e Kand sech selwer, aner Schüler oder d'Personal a Gefor bréngt, muss et méiglech sinn, dat Kand fir eng begrenzten Zäit aus dem reguläre Schoulkader ze huelen an et an e spezialiséierten Zenter oder eng spezialiséiert Institutioun ze orientéieren, wou et da betreit an him gehollef gëtt. D'Participatioun um Unterrecht réckelt an deem Fall dann temporär an den Hannergrond. An esou Situatiounen ass d'Schoul net de passende Kader, fir dëse Kanner deen néidegen

therapeutesche Suivi ze bidden. Eng spezialiséiert therapeutesch Betreiung an enger adaptéierter Institutioun kann hei déi besser Léisung sinn – mam kloren Zil, d'Kand nees esou ze stabiliséieren, datt et duerno erëm an de reguläre Schoulalldag integréiert ka ginn, ouni eng Gefor fir sech selwer oder aner duerzestellen.

De Conseil d'administration vum SNE/CGFP

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu